**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

| Info-Box | |
|---|---|
| Bestell-Nummer: | 13028LU |
| Sprooch: | Lëtzebuergesch |
| Kaméidistéck: | 3 Akte |
| Bünebiller: | 1 – Duerfplaz |
| Spilldauer: | +/- 120 Min. |
| Rollen: | 8 |
| Fraen: | 4 |
| Männer: | 4 |
| Rollensatz: | 9 Hefte |
| Preis Rollensatz | 142,00€ |
| Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€ | |

**13028LU**

# Wien huet dann elo den Haaptgewënn?

(Kaméidistéck an 3 Akten)

vum

**Helmut Schmidt**

iwwersat vum
**Jos Weimerskirch**

## Inhalt

Opreegung am ganzen Duerf. Et steet an all Zeitung, dass de Haaptgewënn vun der Lotterie "de gëllenen Hans" an Héicht vun 250.000 € un e Bierger vun Mënscht gaangen ass. D'Sensatioun am Duerf ass perfekt well do nëmmen 20 Leit wunnen. En Hoke bei deem Ganzen, de Gewënner wëll anonym bleiwen. Domadder geet di wëll Dreiwjuegd am Duerf lass, virun allem bei de Fraen. D' Mady Kimmes ass Zeitungsfra a Stëppler vun deem Ganzen. Jidderee gëtt elo genee ënnert d'Lupp geholl. Wien kuckt op di aner erof, wee keeft sech deier Saachen? Schonn no kuerzer Zäit verdächtegt jiddereen deen aneren. Dat gäizegt Berty Biermann keeft sech ob eemol nei Gaardemiwwel, de Martin Lemmer iwwerheeft seng Fra op eemol mat deier Geschenker. Dee jonke Student Batty fiert op emol mat engem deieren Sportswon. D'Koppel Origer [Catherine a Fritz], déi e klenge Buttek hunn, schwätzt op emol fir bäi ze bauen. Di ganz Saach gëtt ëmmer méi onduerchsichteg. Wien ass dann elo deen dee gewonnen huet? Natierlech een mat deem keen – awer och net d'Publikum gerechent huet ...

spillt zu der haiteger Zäit

## Bünebild

D' Bünebild ass eng bausse Kuliss. Et spillt am Zentrum vum Duerf, riets sinn d'Haiser vun der Famille Lemmer an dem Berty Biermann, all Kéier mat enger Dier an eventuell enger Fënster. Un de Mauere si Bréifkëschten. An der Mëtt steet e Bam mat Bänk, eng Lanter oder e Sprangbuer, jee no Méiglechkeet. Ob alle Fall muss eng Sëtzgeleeënheet do sinn. Hanne lenks a riets geet et fort an d'Duerf. Bei der Sortie sinn Hecken, Zonk, Gaardenhaischen o.a.

## Persounen

| Persounen | Beschreiwung | Asätz |
|---|---|---|
| Martin Lemmer | dem Régine hire Mann | 142 |
| Régine Lemmer | dem Martin seng Fra | 156 |
| Annette Lemmer | hinnen hiert Meedchen | 85 |
| Oli (Olivier) Meyer | Noper | 85 |
| Jean-Baptiste Fohl (Batty:) | Noper [Student] | |
| Berty Biermann | Nopesch | 152 |
| Mady: Kimmes | Zeitungsfra | 129 |
| Ben Brosius | Finanzbeamten | 36 |

den éischten Akt spillt am Wunnzëmmer

Leseprobe: Verlagsverband
- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

## Akt 1

### Szeen 1

*Andrea, hir Mamm, hire Brudder*

**Mamm** Dat hues de dervun; well s du net op mech héieren hues. Wéi oft hunn ech der gesot: Bestuet en! Oder looss en! Elo huet en dech verlooss an du stees alleng do mat dengem Kand.

**Andrea** Fiwat hätte maer eis bestuede sollen? Maer sinn dach nach allen 2 an d' Schoul gaang. Maer waren alle béid nach net volljäreg. Maer hätten vun den Elteren d' Zoustëmmung gebrauch? Hätt Daer eis de Seege ginn?

**Mamm** Et wier natierlech nach ze fréi gewiergt.

**Andrea** Daer hutt net un eis Léift gegleeft?

**Mamm** Net an hirer Bestännegkeet.

**Andrea** Wéi een sech iere kann.

**Mamm** Hu maer eis da geiert?

**Andrea** Aus enger Schülerléift ass eng Liewenspartnerschaft ginn – vun zwee erwuesse Leit.

**Mamm** Liewenspartnerschaft, dat ass fir mech weder Fësch nach Fleesch. Eng Wischi-Waschi- Bezéiung.

**Andrea** Si war fir eis allen zwee gudd. A se huet bis haut gehal. Wier et e Bestiednes gewiert, wier et och zu Enn gaang. Dat ass gehopst wéi de gesprongen.

**Mamm** Aller spéitstens wéi s de schwanger gouf s, häss de dech misse mat him bestueden. Dat maachen di meescht, net nëmmen well dat vun der Gesellschaft verlaangt gëtt, dat wier en der an dem Kand och schëlleg gewiergt, fir dass et net als Baaschtert op d' Welt kënnt.

**Andrea** Mamm du hues nach di al Virstellungen.

**Mamm** Gëtt et dann e Grond sech net ze bestueden?

**Andrea** Jo sécher, fir seng Onofhängegkeet ze behalen, a sech net selwer ze fesselen.

**Mamm** Heescht dat, der hutt Aech an Aerer Liewensgemeinschaft net uneneen gebonne gefillt? Du soss maer ëmmer et wier net anescht wéi bestuet ze sinn.

**Andrea** Just ouni Paperassen an ouni kierchleche Segen.

**Mamm** En aneren Ënnerscheed gesinn ech och. Dee gesäis de elo a spiers et selwer. Wee net bestuet ass, mee just e Bonvivant, dee kann ouni weider säin Hut huelen, zu enger anerer goen a mat der schéin Deeg verbréngen, sou wéi hien dat elo mécht, während s du hei sëtz an der d' Aen auskräischs.

**Andrea** Em Gottes wëllen, ech kräischen him dach net no. Esou domm misst ech sinn.

**Mamm** D' Zeitungen hu geschriwwen wéi enttäuscht an onglécklech s de bass.

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Andrea** Dat et maer net grad fir ze laachen ass, ass selbstverständlech. Mee mëttlerweil packen ech mech an hu mech domadder offonnt.

**Thierry** Du bass et net néideg dech domadder ofzefannen. Do sinn ech strikt dergéint.

**Andrea** Wat wëlls de? En huet mer en eegent Haus kaf a wäert dem Kand och nach Alimenter bezuelen.

**Thierry** Dat ass seng Pflicht. Du kéins just nach mat him em de Montant handelen.

**Andrea** Do wäert e net klenglech sinn. Wat kéint ech soss nach verlaangen?

**Mamm** Als seng Liewenspartnerin natierlech näischt. Mee en huet Geld an als seng Fra kéins Du natierlech schonn eng gréisser Zomm froen.

**Thierry** D' Mamm huet Recht. Zum Beispill äert gemeinsamt Haus. Em dat géif ech an denger Plaz kämpfen. Wanns du et net méchs, da maachen ech et fir dech.

**Andrea** Këmmer dech em näischt.

**Thierry** Et wier zu dengem Virdeel an et géing och em d' Éier vu eiser Famill.

**Mamm** Du géifs  ouni Succès dofir kämpfen. Mee wenns du bestuet wäers ...

**Thierry** Do kënnt en. Fir mech grad richteg.

**Mamm**  Wann ech gelift, kee Sträit.

**Szeen 2**

*Andrea, hir Mamm, hire Brudder, Marc*

**Marc** Schéin, dass ech der ganzer Famill Moien soen däerf.

**Andrea** Se ass leider net méi grouss.

**Thierry** Vun enger Welt Cup Course zeréck, déi leider fir dech net gudd verlaf ass an dat obschonn maer Daer fest d' Daume gedréckt hunn.

**Marc** Dat war fein vun Aech.

**Thierry** Dat hëlleft awer alles nächst wann een an engem Formdéif ass.

**Marc** Ech well gären mam Andrea schwätzen wann der näischt dergéint hutt.

**Mamm** Selbstverständlech, Daer sidd jo hei doheem.

**Thierry** Maer hunn eis erlaabt d' Andrea ze besichen. Du hues jo sécher näischt dergéint, dass maer nach bleiwen. Ech wëll nämlech herno mat Daer schwätzen. Maer zeien eis zeréck, bis du mat him geschwat hues.

**Mamm** Hoffentlech e seriéist Gespréich.

**Marc** Ech si sécher, e Seriéist.

**Mamm** Hoffentlech hues de och gudde Wëllen.

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Andrea** Maer maachen et kuerz.

**Mamm** Gudd Décisiounen brauchen hir Zäit.

*D'Mamm an den Thierry gi vun der Bühn.*

**Szeen 3**
*Andrea, Marc*

**Marc** Ech hoffen du gees och mat Serieuxsitéit a gudde Wëllen un di Saach.

**Andrea** A wat fir enger Hisiicht soll et maer dorunner feelen?

**Marc** Dat weess du, dat muss ech Daer net soen.

**Andrea** Du wëll s mech eraus hunn.

**Marc** Jo vun hei. Mee ech hunn jo dofir gesuergt, dass Du en anert Ënnerdaach hues.

**Andrea** Du mengs dat anert Haus?

**Marc** Kanns du, wann de éierlech bass, soen et hätt der net gefall. D' Haus gefält der net?

**Andrea** D' Haus interesséiert mech net. Ech war maer et net emol ukucken.

**Marc** Also feelt Daer d' Asiicht an de gudde Wëllen.

**Andrea** An Daer feelt et u Versteesdemech. Ech sinn hei doheem, zënter dass Du mech heihinner geholl hues. Hei ass mäi Kand gebuer an ech zillen et hei op, hei soll et wuessen a grouss ginn. Hei soll et eng schéi Kandheet a Jugend hunn bis et vum selwen fort an di grouss Welt wëll. Verdreiwe loosse maer eis net.

**Marc** Du solls jo och net verdriwwe ginn. Ech fuerderen dech ganz frëndlech op endlech dat onvermeidbar anzegesinn.

**Andrea** Ech gesinn näischt Onvermeidbarer. Ech bleiwen hei ewéi ëmmer.

**Marc** Mat denger Sturheet géifs de mech forcéieren d' Gericht anzeschalten. Mee villäicht gëss de nach virdrun verstänneg. Ech sinn nämlech net alleng komm, mee mam Simone.

**Andrea** Deng Frëndin?

**Marc** Si ass mat mer komm a waart ënnen am Auto.

**Andrea** Ass et galant, d' Madame waarden ze loossen?

**Marc** Galant ass dat net. Wann et maer no goe géif, da géif se elo niewent maer stoen. Well et gehéiert zu maer.

**Andrea** Mee - ? Wat hënnert se dorunner niewent Daer ze stoen? Et fäert dach och soss net all Konfrontatioun.

**Marc** Si ass ganz feinfühlech.

Lesebrobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Andrea** E schéine Karakterzug. Mee ech sinn net esou, dass ee mech fäerte misst. Ausser du häss mech als Monster geschildert. Ech géif him jiddwerfalls net un d' Hoer goen.

**Szeen 4**
*(Thierry, Andrea, Marc)*

**Thierry** Entschëllegt, dass ech ënnerbriechen, mee maer géifen eis besser direkt hu drëtt ënnerhalen.

**Marc** Wann s du mengs, ob deng Schwëster positiv awierken ze kënnen ....

**Thierry** Ech sinn hiren Affekot. Ech wëll dat Bescht fir hat.

**Andrea** Wat dat Bescht fir mech ass, weess ech am allerbeschten. Dofir brauch ech keng Affekot.

**Thierry** Fir dat Bescht duerchzesetzen brauch ee schonn en Affekot. Oft weess de Client duer net, wat dat Bescht fir hien ass. An dësem Fall soen ech eng Hochzäit. No enger laanger Partnerschaft, an engem gemeinsame Kand, ass esou ech scho laang fälleg.

**Marc** Wann do näischt dertëschent komm wier! Wann der éischter domadder komm wäert – keng Fro, kee Problem! Elo kënnt dat e bësse spéit. Lo wier e Bestiednes net méi eescht, well dat wier net glécklech.

**Thierry** Du mengs wells du am Ablack eng nei Frëndin hues. Wee weis ob dat net just eng kuerz Affaire ass?

**Marc** Dat ass se net, dofir leeën ech meng Hand an d' Feier.

**Thierry** Ass dat di grouss Léift?

**Marc** Wann et esou eppes gëtt, géif ech "Jo" soen. Ech weess, et soll een net drop schwieren. Mee wéi ech spieren, ass et déi.

**Thierry** Wa wierklech, dann deet et maer Leed, well du muss dat iwwerwannen.

**Marc** Wee seet, dass ech dat muss?

**Thierry** Dat soen der vill. Net nëmmen d' Andrea an ech, dat seet och e groussen Deel vun der Ëffentlechkeet, déi iwwert déi Affaire entrüst sinn. Mat Recht! Dat ass jo och e staarkt Stéck. Déi kraazt un dengem Image. BUH-riff wäerten dech begleeden wanns de tëschent de Staange wedels a Sponsore wäerte sech iwwerleeën obs du eng gudd Reklamm fir si bass. An däi Gewëssen, seet dat Daer net, dass du d' Andrea bestuede muss? Net fir d'lescht fir d' Kand, wat e Recht op e richtege Papp huet, fir dass hat net weider als "oneheleech" ofgestempelt gëtt.

**Marc** Quatsch. Kee Papp hunn, ass keng Schan. Soss wier di hallef Gesellschaft eng Schan A wéi wier ech menger Frëndin géigeniwwer? Si géing sech vu maer verrode, bedrunn a belunn fillen. Ech kéint hir net méi an d' Ae kucken a mech och net méi am Spigel.

**Andrea** Wéi laang wëlls de hat nach waarde loossen?

**Marc** Den Thierry weess net ween s du mengs. Mäi léiwen Thierry, et ass jo schéin, dass Du dech esou fir deng Schwëster asetz, mee d' Tatsaachen kann ee net änneren, D' Tatsaach ass, dass ech meng Léift zu enger anerer net iwwerwanne kann, och net iwwerwanne wëll,

Leseprobe: Verlagsverband
- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

well et versprécht maer Gléck wéi ech es nach ni emfonnt hunn an ech es och ni méi emfanne wäert.

**Thierry** Schéi schéin. Méi phatetesch geet et net méi.

**Marc** Tatsaach ass, dass ech mech décidéiert hunn kloer Verhältnisser ze schaafen.

**Thierry** Déi e Bestiednes mam Andrea net ausschléissen.

**Marc** D' Tatsaach ass, dass d' Simone –

**Andrea** Seng Frëndin –

**Marc** De Chef an dësem Haus gëtt.

**Thierry** Esou wéi si schonn de Chef an vun dengem Häerz ass.

**Marc** Jo dat ass se vu béidem. Et géif mer elo passen, wenns du goe géifs. Ech wëll net, dass si wou méiglech taktlos emfaange gëtt.

**Thierry** Dat brauchs de net ze fäerten, mee ech maachen Daer dee Gefalen.

**Andrea** Maer ginn bei d' Mamm, si ass beim Kand, ech biergen dofir.

*De Marc geet d' Simone sichen.*

**Szeen 5**
*Andrea Thierry*

**Thierry** Du biergs fir mech?

**Andrea** Dass d' Frëndin net taktlos emfaange gëtt.

**Thierry** Fir wat sollt se dat?

**Andrea** Si wäert der gefalen, eng Mauerblimchen huet de Marc sech net geangelt.

**Thierry** Dat bescht wier, ech géif se him ausspanen. Da wier di Saach geregelt.

**Andrea** Dass du him se ausspaans, esou eng Berühmtheet, e Spuerstar, engem Liebling vun der Natioun.

**Thierry** Denk un den David an un de Goliath. Ech weess, him géigeniwwer sinn ech en David. Mee zur Hochzäit zwéngen ech en awer. Ech bleiwen um Ball.

**Anne** Du renns do géint eng Mauer. Géi bei d' Mamm.

**Thierry** Du wëlls di Dame empfänken?

**Andrea** Nee, ech ginn och elo. A wann ech se gesinn, maachen ech mech iwwerrascht.

*Béid vun der Bühn.*

**Szeen 6**
*Simone, Marc*

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

*D' Simone an de Marc kommen op d'Bühn.*

**Simone** Ech hätt mech net iwwerriede solle loossen.

**Marc** Dat hätt si esou verstanen, wéi wann s Du net richteg frou mat maer wäers.

**Simone** Villäicht sollt ech guer net frou mat Daer sinn. Ganz esou roueg ass mäi Gewësse net.

**Marc** Dat ass domm vun der, well dat kanns de ganz berouegt sinn. Maer maache näischt wat verbueden ass. Ech gi jo net als Bestueten friem.

**Simone** Et misst am Gesetzbuch en Artikel ginn, dass Partnerschaft iwwer laang Zäit engem Bestiednes gläich gestallt ass. D' Liewenspartner kämpfen dofir.

**Marc** Och wann dat dem Bestiednes gläichgestalt wier, mengetwegen, da wier et halt friem goen, meng Léift huet do net gescheit. Dat ass wéi e Päerd viru grouss Hürden. - Richteg Léift setzt sech iwwer alles weg.

**Simone** Komm maer bleiwe neutral. Du soss maer deng Bezéiung zu enger – du wëlls net, dass ech Fra soen.

**Marc** Si ass et jo och net.

**Simone** Deng Bezéiung zu hir. Du hues gesot du géifs sech ouni Problemer léisen, zemol och hir Léift zu Daer zimlech ofgekillt ass.

**Marc** Jo zënter dem Kand ass si ganz op dat fixéiert.

**Simone** Ech wëll net d' Ursaach vun engem ellene Streit sinn, och net vun engem gebrachenen Häerz.

**Marc** Esou eent gëtt oft vir getäuscht wéinst engem méiglech héijem Schuedenersaz. Eng Fra wier domm wann se soe géif, géi nëmmen du kanns maer kee gréissere Gefale maachen wéi mech ze verloossen.

**Simone** Du däerfs net vill op esou e Gespréich ginn. Wat Theater schéint, ass oft echt, a wat echt ass, ass oft Theater. Et ass maer eigentlech ganz recht, deng Fra, - deng Fra, dat heescht esouvill "wéi deng Fra "kennen ze léieren.

**Marc** Ech kéint maer virstellen, dass Daer zwee esouguer Frëndinne gitt.

**Simone** Ob dat der passe géif? Et kéint op Käschte vun eiser Bezéiung goen.

## Szeen 7

*Simone, Marc, Andrea*

D' Andrea kënnt eran.

**Andrea** Oh Gudde Moien! Daer sidd et wat en esou laang dobausse waarde gelooss huet.

**Simone** Mäi Numm ass Simone Wampach.

**Andrea** Ech sinn d' Andrea Thill. Daer hutt Aech net heiropper getraut?

**Simone** Ech muss zouginnm ech war e bësse verklemmt.

Leseprobe: Verlagsverband
- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Andrea** Fir wat? Der kënnt Aech roueg onbefange ginn. Ech weess Daer sidd Frëndin vu mengem – *(et stockt kuerz)* Liewenspartner. Bis viru kuerzem hu maer eis nach Mann a Fra genannt. Well maer och als Mann a Fra gelieft hunn. Et wat méi einfach wéi vu Liewenspartner a Liewenspartnerin ze schwätzen. Liewens-Mënsch wier méi kuerz gewiergt, mee dat klengt blöd. Erlaabt, däerf ech Aech mäi Liewens-Mënsch bezéiungsweis Liewens-Mënschin virstellen. Wann et sech em eng Fra handelt.

**Marc** Ech géif den Damme virschloen, dass se sech géigesäiteg Madame Simone a Madame Andrea betitelen.

**Andrea** Averstanen. Et kënnt een sech och méi no, wann ee sech géigesäiteg mam Virnumm uschwäerzt. A wa maer herno op Wonsch vu mengem Liewenspartner – alias Liewens-Mënsch hei zesumme wunne wäerten ...

**Marc** Pardon Andrea, looss mech dat richteg stellen. Och wann et mech freet ze wëssen, dass Daer Aech verdroe géift, esou ass et weder et mäi Wonsch nach Wëllen. Ech hunn Daer net fir näischt en Haus kaf als eng frëndlech awer entschlossen Opfuerderung. Och dass Du dech stur dergéint weigers fir dohinner wunnen ze goen, muss ech als onfrëndlechen Akt vun Daer verstoen. Ech bestinn drop, dass du dëst Haus verléiss.

**Andrea** Op wat  ech bestinn weess du. A vu menger Fuerderung ginn ech kee Millimeter ewech.

**Marc** Du vergëss, dass béides vun Daer op wackelege Been steet. Deng Weigerung d' Haus ze verloossen – dozou kann d' Gericht dech zwéngen. An deng Fuerderung mat maer bestuet ze ginn, do derzou ka näischt a kee mech zwéngen. Ofgesinn do dervun schneits du dech an däin eegent Flesch: e Bestiednes ze verlaangen vun deem s de weess, dass et kee Bestiednes aus Léift wier an dat dorauser och net zu enger glécklecher Koppel féiere géif.

**Andrea** Egal. A wann se an d' Hell féiere géif.

**Marc** Dee Saz beweist, dass du d 'Hochzäit net aus Léift verlaangs - ech kann et just esou verstoen, dass du mech bestuede wëlls, fir dass ech keng aner méi bestuede kann mat deem ech glécklech wier. Mee ech wäert mech mat engem aneren bestueden, an zwar mat deem do. D' Simone deem mäi ganzt Häerz gehéiert. Gott sei Dank muss ech dofir net froen oder kämpfen, well ech si fräi. Fräi vun aller moralescher Pflicht.

**Simone** Ech hat mer erwaart, dass et net nogëtt.

**Marc** Du däerfs dech net beaflosse loossen. Wahrscheinlech wëll et e Käil tëscht eis zwee dreiwen.

**Andrea** Dat ass ze erwaarden. Dofir solls de oppassen, dass ech ni laang alleng mat him sinn. Am beschten ni alleng. Mee dat ass schwiereg wann een an dësem Haus wunnt. Net ouni Gronn wëlls de mech dobaussen hunn.

**Marc** Ech loossen Aech elo alleng, e Beweis zum mengen Vertrauen zum Simone.

*De Marc geet vun der Bühn.*

**Szeen 8**
*Andrea, Simone*

**Simone** Madame Andrea, et deet maer richteg Leed.

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Andrea** Wat deet Aech Leed? Ech wier derfir maer loossen Madame ewech. Fir eis Identifikatioun ass dat net néideg. Simone an Andrea si weiblech Nimm. Daer sot et géif Aech Leed doen?

**Simone** Dass et esou ass wéi et ass. Et ass fir keen erfreelech. Ech sollt wahrscheinlech op meng grouss Léift verzichten.

**Andrea** Daer gleeft dach net, dass hien mech dann bestidd?

**Simone** Fir wat besti Daer dann drop, dass hien Aech bestuede soll, wann der esouwéisou wësst, dass Daer d' Gléck et net erzwénge kënnt. Ass et esou wéi hee mengt, dass Daer Aech just gäre mat him bestuet, fir dass hien sech net mat maer bestuede kann?

**Andrea** Ech hu näischt dergéint wann hien sech mat Aech oder mat weem och ëmmer bestuet.

**Simone** Ass dat fir Aech just nach eng Prizippiesaach?

**Andrea** Ech menge net, dass et dat ass. Meng Haltung ass berechtegt. Ech hu méi e grousst Recht drop wéi soss iergendeen - dat soen ech aus Iwwerzeegung. Also och éischter ewéi Daer. A wann Daer gerecht wéilt sinn, géing der maer dat Recht och zougestoen.

**Simone** Ech si gerecht, a meng Léift zu him berechtegt éischter e Bestiednes wéi e Bestiednes ouni jidder Léift.

**Andrea** Sou steet Meenung géint Meenung a wien Recht huet ka just een entscheeden deen an eis era gesäit. Hien wäert mech zu gudder Lescht net bestueden, obschonn e maer doduercher mäi Recht klaut.

**Simone** Wann ech wéisst dass en Aech doduercher äert Gléck huele géif, d' Gléck vun engem Bestiednes mat him ...

**Andrea** Dat géif ech maer net erwaarden.

**Simone** Mee sech ower erhoffen, sech et wënschen.

**Andrea** Ech wënsche maer näischt anescht wéi d' Hochzäit och wann ech wéisst, dass eist Bestiednes onglécklech wier oder schonn eng Woch drop gescheet géif ginn. Wann hien sech scheede wéilt loossen, géif ech näischt dergéint ënnerhuelen. D' Hochzäit géif mer duer goen, ech géif Aech fir aer Hochzäit gratuléieren. Sot Simone - wier dat net eng Léisung? Déi eis all zefridde stelle géif? Fir wat sinn ech net schonn éischter op esou eng Iddi komm?

**Szeen 9**
*Simone, Andrea, Thierry*

**Thierry** Pardon, d' Mamm wëll Äddi soen. Ech sinn dem Andrea säi Brudder. Ech vertrieden hir Interessen. Ech si quasi hiren Affekot.

**Andrea** Obschonn ech kee brauch.

**Simone** Mee dat ass awer schéi vun Aech.

**Thierry** Ech menge schonn, dass et e gebrauche kéint. De Marc ass jo stur géint hire Wonsch. Ech weess net wéi wäit Daer informéiert sidd.

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Simone** Ech sinn esou guer betraff an dëser onerfreelecher Geschicht.

**Thierry** Daer sidd déi, mat deem en eng Affaire huet?

**Simone** Déi di aus all Méck en Elefant mécht.

**Thierry** A mat der et séier eriwwer si soll.

**Andrea** Dat wäert de Fall sinn, wann et maer nogoe géif.

**Thierry** A wéi soll et der no goen wann ech froen däerf?

**Andrea** Dat muss ech fir d' éischt mam Marc beschwätzen.

**Thierry** Da maach dat. Ech soen him, dass e komme kann.

*Den Thierry geet fort.*

**Szeen 10**
*Andrea, Simone*

**Simone** Deen ass ower presséiert.

**Andrea** Wat sot Daer zu menger Idee. De Marc an ech maer bestueden eis a loossen eis gläich drop nees scheeden.

**Simone** Do derzou soen ech näischt.

**Andrea** Jo, mee Daer hut jo awer eng Meenung, a wa méiglech hu der Zweiwel wat d' Scheedung betrëfft, mee do ginn ech Aech d' Garantie.

*D' Simone geet fort.*

**Szeen 11**
*Andrea, Marc, Thierry, Mamm*

*Den Thierry kënnt mam Marc a mat der Mamm.*

**Marc** Fir wat geet si? - Ech sollt heihinner kommen. - Em wat geet et?

**Andrea** Ech géif gären mam Marc alleng schwätzen.

**Thierry** Geet et dann em eppes Besonnesches?

**Andrea** Jiddefalls em eppes wat just hin e mech eppes ugeet.

**Mamm** Maer sollten eis wierklech net amëschen. Thierry, maer fueren heem.

**Thierry**
Ech géif scho gäre waarden fir ze gesinn wat bei hirem Gespréich erauskënnt.

**Mamm** Wa blous eppes erauskomme géif. Mee wat soll sech erginn, wa keen dem anere nogëtt.

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Thierry** Ech waarden ob alle Fall.

**Mamm** Da muss ech noutgedrongen och waarden.

*D' Mamm geet mam Thierry fort.*

**Szeen 12**
*Andrea, Marc*

**Marc** Em wat geet et?

**Andrea** Maer befannen eis an enger Sackgaass. Et geet doréms aus däser erauszekommen.

**Marc** An du weess wéi?

**Andrea** D' Simone an ech hu sech em eng Léisung beméit.

**Marc** An huet des Beméiung och zu enger Léisung gefouert? Féiert déi aus der Sackgaass eraus?

**Andrea** Aus menger Sicht: " Jo". Du muss natierlech domadder averstane sinn. Deen éischte Schrëtt ass: Maer bestueden eis.

**Marc** Dat nenns Du Léisung? Da brauche maer guer net weider ze schwätzen.

**Andrea** Villäicht dach. Well et gëtt och nach en zweete Schrëtt.

**Marc** An zwar?

**Andrea** Maer loossen eis kuerz dorop scheeden.

**Marc** Eng grotesk Idee. Soll ech déi eescht huelen?

**Andrea** Se ass duerchaus eescht gemengt. D' Simone fënnt se net sou schlecht.

**Marc** Net schlecht? Bestueden a sech kuerz duerno nees scheeden. Bestueden fir sech scho gewëssermoossen nees scheeden ze loossen. Dat wier e neit Gesellschaftsspill "Mein Schatz heiraten wir, es ist so lustig, sich nachher scheiden zu lassen", oder "Die Heirat ist fade, aber die Scheidung danach ein Genuss". Nee mäi Léift fir dat Gesellschaftsspill sinn ech net ze kréien. Da kanns de mat engem aneren spillen, wanns du dat schonn esou flott fënns.

**Andrea** Et hätt fir jidderee vun eis eppes Guddes, ech wier zefridde gestalt, well ech wier bestuet gewiergt, ech hätt dee schéinsten Dag am Liewen vun enger Fra erlieft, an Dank eiser Scheedung wier ech keng verloossen, mee eng gescheete Fra. A fir d' Simone wier dat och gudd. Daer kéint Aech mat guddem Gewëssen bestueden. Ass dat net derwäert fir doriwwer nozedenken?

**Marc** Theoretesch gesäit dat net schlecht aus, do kéint ee sech schonn emol doriwwer Gedanke maachen.

**Andrea** Wat schwätzt da praktesch dergéint?

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Marc** Sou munches. Éischtens, du verspréchs nom Bestiednes d' Scheedung. Wee garantéiert dofir, dass du dech dorunner häls?

**Andrea** Ech schwieren dat beim Kapp vu mengem Kand, wat maer helleg ass. Du kanns der sécher sinn, ech wäert keen Dag méi laang mat der bestuet sinn, wéi ech muss. Well du gleefs jo net am Eescht, dass ech nach frou mat der sinn. Du soss éischtens. Wat wier dann dat Zweet?

**Marc** Géifs du dat net e bësse zevill einfach fannen?

**Andrea** Dat géif ech fannen wa maer eis an der Kierch bestuede géifen, mee dat kéim natierlech net a Fro.

**Marc** Och wa maer just op der Gemeng bestuet géife ginn, da wier dat ower onmoralesch.

**Andrea** Mat dem Wuert "onmoralesch" géif ech an denger Platz spuersam ëmgoen. Wéi moralesch war dann däi Verhale maer géigeniwwer?

**Marc** Méi kann ech net soen wéi et kéint ee sech Gedanken iwwert dës Idee maachen. Natierlech kéint ech mech net wuel fillen bei esou engem Bestiednes.

**Andrea** Du kéins jo no der Hochzäit un eis Scheedung an un di Hochzäit duerno mam Simone denken. Da wier den Himmel direkt nees blo fir dech an du häss e glécklecht Liewen virun Aen.

**Marc** Ier ech eppes definitiv soen, muss ech nach fir d' éischt man Simone doriwwer schwätzen. Ech wéisst jo scho gären seng Meenung derzou.

**Andrea** Dat kann ech der soen. Si wäert soen. Maach wéi' s de denks. Mee natierlech ouni hire Sanktus wäerts du der schwéier dinn.

**Riddo**

---

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstéck*
*"Wien huet dann elo den Haaptgewënn?"*

Wëll Dir dat ganzt Theaterstéck liesen?
Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.

**Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstéck**
**Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text**
**Rout Bestellbox. Di ganz Rollen**
**Blo Bestellbox: Liesprouw per Post oder Zousaatzheft zu de Rollen**

Wann Iech dat Theaterstéck gefalen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
www. mein.theaterverlag.de

Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersnehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Vertrieb**
mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15
Telefon: 02432 9879280
e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de –www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de. – www.nrw-hobby.de

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -